N°1945
Entrée le 14.02.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 17.02.2025
Chambre des Députés

LSAP

Monsieur Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, de 14. Februar 2025

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend an un den Inneminister weiderzeleeden.

An enger rezenter Emissioun vu „Background am Gespréich" iwwer de Lëtzebuerger Schoulsystem, huet de SNE-Präsident drop insistéiert, dass fir d'Ëmsetzung vum Projet „Alpha Zesumme wuessen – alphabétisation en français", méi Personal a méi Klassesäll gebraucht ginn, wann en effektiv ab 2026 flächendeckend op d'Grondschoul ausgeweit gëtt.

Den Educatiounsminister selwer sot, dass schätzungsweis 150 zousätzlech Klassesäll an den 100 Schoulen am Land géife gebraucht ginn. Wa sech de Besoin un zousätzleche Säll also géif gläichméisseg iwwer d'Land verdeelen, géif dat heeschen, dass all Schoul iwwert déi nächst sechs Joer annerhallwe Sall bäikréie misst, sou de Minister.

Et ass allerdéngs evident, dass kleng Schoule proportional méi belaascht wäerte ginn. Grad a klenge Gemengen, wou et pro Joergang just eng Klass gëtt, wäerte méi wéi just annerhallwe Sall gebraucht ginn, fir esouwuel eng Alphabetiséierung op Franséisch wéi och op Däitsch assuréieren ze kënnen. An och fir méi grouss Gemenge kann et eng Erausfuerderung sinn, fir zousätzleche Schoulraum ze schafen, an dat an Zäiten, wou vill Schoulgebaier souwisou schonn un de Limitte vun hire Kapazitéite sinn.

An deem Kontext wéilt ech dem Minister follgend Froe stellen:

- Huet d'Regierung scho Kontakt mat de Gemengen opgeholl, fir eraus ze fannen, wéi eng Gemengen net am Stand sinn, fir bis 2026 déi néideg Klassesäll zur Verfügung ze stellen? Wa jo, wéi vill Schoulen si betraff a wéi eng Léisunge ginn envisagéiert?
  Wann nee, envisagéiert d'Regierung, fir de Projet Alpha ëmzesetzen eng gemeinsam Approche mat de Gemengen? Wéi géif déi Approche ausgesinn?

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu

- Wéi plangt d'Regierung ze garantéieren, dass all Kand am Land – onofhängeg vun der Gemeng an där et wunnt – d'Méiglechkeet kritt, tëscht enger Alphabetiséierung op Franséisch oder Däitsch ze wielen?
- A wéi ville Gemenge sinn aktuell nei Schoulgebaier am Bau? Wéi vill zousätzlech Klassesäll ginn duerch sou Projete bis 2026 disponibel?
- Hunn dës Schoule genuch Kapazitéiten, fir och dem zousätzleche Besoin u Säll, deen am Fall vun enger flächendeckender Ëmsetzung vum Projet Alpha entstoe wäert, gerecht ze ginn, oder sinn dës Schoule virun hirer Fäerdegstellung eigentlech schonn nees ze kleng?
- Wéi eng Pläng ginn et, fir d'Personal beschtméiglech op déi nei Ufuerderunge bei enger Alphabetiséierung op Franséisch virzebereeden?
- Wéi vill zousätzlech Poste ginn am Enseignement fondamental fir d'Ëmsetzung vum Projet Alpha an absolutten a relativen Zuele gebraucht?

Mat déiwem Respekt,

Francine Closener
Députéiert

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu